SCHOUL LAMADELAINE
17, rue Providence  L-4885 Lamadelaine
school.lamadelaine@ecole.lu
http://petange.myschool.lu
Schoulgebai „Beim Tëtelbierg“
[ Cycles II - III - IV ]
50 74 09  23 65 18 96
Schoulgebai „Gehren“
[ Cycle I ]
50 07 30 25  50 07 30 28

# Schoulinternt Personal-Reglement

**Versioun 1.0 vum 21. Juni 2013**

- **Kapitel 1 – Schoulalldag**
- **Kapitel 2 – Säll an Infrastrukturen**
- **Kapitel 3 – Equipes pédagogiques & Concertatiounen**
- **Kapitel 4 – Kannerverdeelung/Opdeelung**
- **Kapitel 5 – Spezialmissiounen**

## Kapitel 1 – Schoulalldag

Fir de Kanner den Iwwergang an déi eenzel Cyclen ze vereinfachen an de Schoulalldag an der Schoul Lamadelaine ze **vereenheetlechen**, goufen d’Faarwen vun den Hefter, Farden, Classeuren fir eenzel **Haaptfächer** a Beräicher gemeinsam festgeluecht:

- Mathematik: rout
- Deutsch: blo
- Français: giel
- Tester, Epreuven: gréng

Fir d’Niewefächer kann d’Léierpersonal fräi bestëmmen wéi di eenzel Hefter, Farden oder Classeuren gekennzeechent oder erkennbar sinn.

## Kapitel 2 – Säll an Infrastrukturen

**D’Verdeelung vun de Klassesäll** an der Schoul Lamadelaine baséiert eenzeg an alleng op pädagogesche Critèren gekoppelt un e Cycle.

All **Cycle** huet fir seng Klassen eng eegen Zone respektiv säin eegene Beräich am Gebai. Dës Opdeelung gesäit folgendermoossen aus:

- **CYCLE 1:** Gebai „Gehren“
- **CYCLE 2:** Gebai „Beim Tëtelbierg“, Rez-de-chaussée
- **CYCLE 3:** Gebai „Beim Tëtelbierg“, 1. Stack
- **CYCLE 4:** Gebai „Beim Tëtelbierg“, 2. Stack

Wiesselt een Titulaire aus der Schoul de Cycle, sou <u>muss</u> dësen och de Klassesall wiesselen.

**Multimediasall, Bibliothéik an Informatiksall** um 2. Stack ginn nëmmen an Ausnamesituatiounen als Klassesall agesat. Esou eng Entscheedung kann och nëmme provisoresch (an net dauerhaft) vum Schoulcomité geholl ginn.

**Déi klengst Säll** an de Gebaier ginn och fir déi klengst Gruppen agesat: Cours d'accueil, Appui spécialisé (z.B. Dyslexie), Education morale et sociale (EMS), …

Ënnerhalb vum Cycle ënnerläit et der Equipe pédagogique hir **Klassesäll** ze verdeelen. D'Säll ginn esou verdeelt, datt ëmmer op mannst zwou Klassen um selwechte Gank leien. Am Idealfall sollen Titulairen déi deeselwechten Altersgrupp betreien (x.1 oder x.2) och beienee leien wat eng besser a vereinfacht Zesummenaarbecht erméiglecht (*Appui, Austausch, Programm*, ...). Den Titulaire vum **Cours d'appui** soll e Sall beleeën deen eng zentral Lag um Stack huet.

De Schoulcomité kann Opgrond vun enger **aussergewéinlecher Situatioun** entscheeden, datt e Klassesall fir e bestëmmten Zäitraum anescht besat gëtt, och wann dëst net dem Gesamtkonzept vun der Schoul entsprécht. Dëst ass ënner anerem dann de Fall wann e Kand mat engem physeschen Handicap (z.B. am Rollstull) an de Cycle 3 oder 4 wiesselt. Well d'Gebai „Beim Tëtelbierg“ nom Ëmbau nëmmen um ganze Rez-de-chaussée behënnertegerecht aménagéiert ass, kann et virkommen, datt e Cycle 3 oder 4 fir een oder zwee Joer op de Rez-de-chaussée plënnere muss. Fir de logisteschen Opwand ze limitéieren an dat pädagogescht Konzept vun de Klassen nëmme minimal ze stéieren, gëtt an esou engem Fall éischter op de Sall vum Cours d'appui zréckgegraff wéi op e reguläre Klassesall.  Eng Klass déi vum Cycle 2.1 an de Cycle 2.2 weidergeet sollt a kengem Fall provisoresch de Sall wiesselen.

D'**Instruction religieuse et morale** (IRM) kritt am Gebai „Beim Tëtelbierg“ ee Klassesall zur Verfügung gestallt. Dëse Sall läit am Idealfall an zentraler Lag, d.h. um 1. Stack. Am Fall wou ee Klassesall fir eng zousätzlech Klass gebraucht gëtt a keen zousätzleche Sall am Gebai méi fräi ass, muss den Titulaire vun der IRM säi Sall opginn an seng Stonnen erëm an déi eenzel Klassesäll hale goen.

## Kapitel 3 – Equipes pédagogiques & Concertatiounen

Folgend Grondreegele garantéieren e gudden Oflaf vun de **Concertatiounsversammlungen**:

- Pünktlechkeet
- Respekt
- Toleranz
- Ausschwätze loossen
- Aktiv Mataarbecht
- Direkt an oppe Konfliktléisung
- Keng parallel Niewebeschäftegung
- Getraffen Decisiounen net méi a Fro stellen

D'Concertatiounsversammlungen sinn obligatoresch fir:

- all déi **brevetéiert** Titulairen
- Chargés de cours déi **Titulaire vun enger Klass** sinn
- Chargés de cours déi als **zweeten Intervenant** an enger Klass schaffen

Déi aner Chargés de cours kommen nëmmen dann an d'Versammlung(en) wann et si direkt betrëfft, si sinn vum Gesetz hir net dozou verpflicht ëmmer deelzehuelen. Wann e Chargé de cours d'Versammlung éischter verléisst, respektiv méi spéit dozou stéisst, vermierkt de Coordinateur dëst mat enger Note a sengem Rapport.

Titulairen **mussen** sech beim Coordinateur **of**mëllen wann si net un der Concertatioun deelhuele kënnen. Déi Chargés de cours déi net regelméisseg un der Concertatioun deelhuelen, **mussen** sech **u**mëllen wann si un enger Concertatioun deelhuele wëllen.

All Equipe soll op mannst 5 Deeg am Viraus festleeën wou a wéini déi nächst Concertatiounsronn stattfënnt. D'Concertatiounsversammlunge fannen am Prinzip **an der Schoul** statt. Ausname sinn nëmmen dann zougelooss wann di ganz Equipe zoustëmmt. Extra-Concertatiounen sollten op mannst 4 Deeg am Viraus ugekënnegt ginn. Dësen Délai kann erofgesat ginn wann déi ganz Equipe seng Zoustëmmung dozou gëtt.

De Coordinateur de cycle stellt den **Ordre du jour** op. Am Prinzip soll dësen dann 2 bis 3 Deeg virun der Concertatioun un all d'Memberen vun der Equipe verschéckt ginn. Ännerungen um Ordre du jour sinn awer bis de Virowend vun der Concertatioun méiglech.

Wann eng Equipe net all Punkten vum Ordre du jour ofgeschloss huet, ginn dës Punkten an Themen automatesch op den Ordre du jour vun der nächster Concertatioun gesat.

De Rapport vun der Concertatioun muss virun der nächster Concertatioun fäerdeg sinn. Ännerungen mussen:
- entweder per Mail un déi ganz Equipe eragereecht ginn
- oder an der Versammlung muss doriwwer geschwat ginn.

De Coordinateur de Cycle mailt dem President den definitive Rapport am PDF-Format un d'Adress rapports.lamadelaine@ecole.lu soubal dëse vun der Equipe approuvéiert ginn ass. Dës Rapport'en ginn um Schoulserver fir intern a pädagogesch Zwecker **archivéiert**.

Am Rapport sollen **d'Nimm vun de Kanner** stoen déi vun der Equipe betreit oder suivéiert ginn. Am Sënn vu spéidere Recherchen ass et wichteg dee ganzen Numm vum Kand ze schreiwen. Et ass och wichteg **d'Klass** respektiv **den Titulaire** vum Kand dobäi ze schreiwen.

All dës Rapporten gi streng vertraulech a schoulintern gehandelt. Kee Member vun der Equipe däerf Informatiounen respektiv de Rapport un Drëttpersoune weiderginn. Mam Accord vum Coordinateur a vum President kann de Rapport oder en Extrait dovunner un den Inspekter an un d'CIS weidergereecht ginn.

Wann de Coordinateur ausfällt, iwwerhëlt e Member aus der Equipe seng Charge. Am Idealfall bestëmmt all Equipe an der éischter Concertatioun vum Schouljoer dëse Remplaçant. Wann

d'Equipe kee Remplaçant bestëmmt, mussen d'Memberen vun der Equipe à tour de rôle d'Charge vum Coordinateur iwwerhuelen bis dësen erëm do ass. Dëse Remplaçant verfaasst dann och di éischt Versioun vum Rapport vun dëser Concertatioun.

All Equipe kann en Zäitmanager bestëmmen, deen dofir suergt, datt all d'Punkten, déi um Ordre du jour stinn, agehale ginn. Dëst ass awer net obligatoresch.

Wann **Décisioune** geholl ginn an dofir ofgestëmmt gëtt, dann zielt d'Majoritéit. Am Fall vun enger Egalitéit, gëtt de Schoulcomité schrëftlech vun der Equipe pédagogique informéiert a kritt de Problem objektiv erklärt. Duerno trëfft de Schoulcomité dann eng definitiv Entscheedung. Chargés de cours huelen nëmmen un engem Vote deel, wann et si och betrëfft. Jiddereen huet d'Recht sech bei engem Vote ze enthalen.

## Kapitel 4 – Kannerverdeelung/Opdeelung

**Grondprinzip vun de Klassen**

Klassen vum selwechten Altersgrupp sinn esou <u>homogen</u> wéi méiglech um Niveau:

- Schülerzuel
- Geschlecht
- Mammesprooch (Hierkonft)
- Behuelen
- Leeschtung/Niveau
- Relioun(IRM)/Morale(EMS)*

Kanner déi ganz grouss Problemer (*Verhalen, Behuelen, Gesondheet, ...*) opweisen, kënnen e méigleche Grond sinn firwat eng Klass mol 1-2 Kanner méi oder manner huet. Dëst soll vu Fall zu Fall gekuckt ginn a <u>gemeinsam</u> vun de concernéierten Equipen festgehal ginn. Dorënner falen net klassesch an turbulent Kanner déi et an all Klass gëtt, mee Kanner déi schon e gréissere Suivi hunn (EMP, CIS, ...asw.).

***Instruction religieuse et morale (IRM) & Education morale et sociale (EMS)**

*Am Normalfall gëtt et an <u>all</u> Klass vun de Cyclen 2-4 Instruction religieuse (IRM) <u>an</u> Education morale (EMS). Ass dat awer mol net de Fall, dierf d'EMS-Klass bei der Créatioun nimools méi eng héich Kannerzuel hunn wéi d'Parallelklass ouni EMS. Am Idealfall huet d'EMS-Klass 1-2 Kanner manner wéi d'Klass(en) ouni EMS. Kënnt nämlech am Laf vum Schouljoer e Kand bäi, dann ass dëst Kand automatesch fir d'EMS-Klass. Wa bei gläicher Kannerzuel am Laf vum Joer e Kand bäikënnt (wat IRM gewielt huet), gëtt dëst Kand an der Klass ouni EMS ageschriwwen. Dëst suergt dofir, datt d'Klass mat EMS net zevill grouss gëtt am Géigesaz zu enger Klass ouni EMS: Wann nämlech Kanner bäiplënneren, déi sech fir EMS entscheed hunn, <u>mussen</u> dës ëmmer an eng EMS-Klass ageschriwwe ginn.*

school.lamadelaine@ecole.lu
http://petange.myschool.lu
Schoulgebai „Beim Tëtelbierg“
[ Cycles II - III - IV ]
50 74 09 23 65 18 96
Schoulgebai „Gehren“
[ Cycle I ]
50 07 30 25 50 07 30 28

**Allgemeng Bestëmmungen**

Klassen déi ännerhalb vum Cycle weiderginn, ginn nëmmen dann nei opgedeelt, wann duerch vill Allongementer an/oder nei Kanner eng zousätzlech Klass am x.2 geschaf gëtt.

Klassen déi de Cycle wiesselen sollen nëmmen dann nei opgedeelt ginn wann d'Gläichgewiicht tëscht de Klassen sech op méi Punkte staark verännert huet. Och kann et virkommen, datt gréisser (relationnell) Problemer tëscht Kanner oder Gruppen esou e Schratt néideg maachen.

**Eenheetlech Prozedur fir d'Créatioun vun neie Klassen**

***Cycle 1:***

Am Cycle 1 ginn déi nei schoulpflichteg Kanner op déi bestehend Klassen bei d'Kanner vum Cycle 1.2 verdeelt. An enger éischter Phase ginn déi Kanner verdeelt déi der Equipe bekannt sinn well se am Précoce waren. An enger zweeter Phase ginn déi Kanner verdeelt déi der Equipe net bekannt sinn. Déi fäerdeg Cycle1-Klassen sinn homogen a gläichwäerteg.

***Cycles 2-4:***

D'Titulairen aus dem Cycle wou d'Kanner hirkommen hale fir all Kand schrëftlech e puer wichteg Informatioune fest (Numm, Sproochniveau, Behuelen, Schoulesche Niveau, Relioun/Morale, ...). Mat dëse wichtegen Informatiounen setzen déi zwou Equipen zwou (oder méi) gläichwäerteg Klassen zesummen an dobäi hunn si stänneg een Zil virun den Aen: identesch Klassen vum Niveau *Schülerzuel, Geschlecht, Mammesprooch/Hierkonft, Behuelen, Leeschtung/Niveau, IRM/EMS.* Fir ze kontrolléieren, ob déi nei Klassen homogen sinn, ginn d'Kanner an enger Grille agedroen, déi et séier an einfach erméiglecht déi nei Klassen ze vergläichen. Dës Grille gëtt ofschléissend vun alle Bedeelegten validéiert.

Den Numm vum neien Titulaire gëtt net virun der Klasse-Concertatioun festgeluecht. Et ass och eréischt deen Dag, wou gemeinsam entscheed gëtt, ob d'Klassen esou bestoe bleiwen oder ob d'Kanner nei verdeelt solle ginn. Am Fall wou et nëmmen eng Klass mat EMS gëtt, steet den Titulaire fir d'EMS-Kanner am Viraus fest.

Spéidestens nodeems déi concernéiert Equipen sech eens goufen an zwou (oder méi) homogen Klassen zesummegesat hunn, beweisen déi concernéiert Titulairen Equipegeescht an treffen am Sënn an am Wuel vun de Kanner zesummen eng Entscheedung wat de Choix vun der Klass respektiv de Kanner ugeet.

Am Fall wou et wierklech net méiglech ass eng gemeinsam Eenegung ze fannen a wou och en Austauschen vun eenzelne Kanner während der Concertatioun näischt bruecht huet, ginn d'Klassen an hiren Titulaire a Präsenz vun der Equipe duerch Zoufallsprinzip bestëmmt.

Sollten um Niveau vun de Kanner Ännerungen antrieden nodeems d'Klassen vun den Equipen validéiert goufen, sou kann dëst nëmmen a Präsenz a mam Accord vun der ganzer Equipe geschéien déi jo aktiv un der Créatioun vun den neie Klassen matgeschafft huet.

**Wichtege Stéchdatum → 7.7.**

D'Elteren respektiv d'Kanner aus der ganzer Schoul Lamadelaine ginn **net virum 7. Juli** forméiert, wien hiren Titulaire fir dat nächst Schouljoer ass a wéi sech d'Klassen zesummesetzen. Tëscht dem 7. Juli an dem 10. Juli informéiert all Titulaire d'Kanner vun senger „neier“ Klass schrëftlech iwwer d'Modalitéiten vum nächste Schouljoer (Titulaire, Sall, Equipe pédagogique, Material, ...asw.). All Equipe pédagogique soll dofir op dee standardiséierte Bréif zréckgräifen dee fir dësen Zweck um Schoulserver ze fannen ass (respektiv vum Comité gemailt gëtt) an all Joer adaptéiert gëtt.

## Kapitel 5 – Spezialmissiounen

Mat de Spezialmissiounen sinn déi sougenannten „activités connexes“ gemengt, wéi se am Schoulgesetz genannt ginn. Dëst sinn Décharge- respektiv Iwwerstonnen fir:

- Coordinatioun vun engem Cycle
- Animatioun a Gestioun vun der Bibliothéik (an de Schoulbicher)
- Gestioun vum Schoulmaterial (an de Schoulbicher)
- Gestioun vum Parc informatique

Eng Spezialmissioun kann nëmme vun enger Persoun iwwerholl ginn déi zum Léierpersonal vun der Schoul Lamadelaine gehéiert. Verléisst dës Persoun d'Schoul, muss dës Spezialmissioun dann nei besat ginn.

All Member vum Léierpersonal huet d'Recht eng Spezialmissioun an der Schoul Lamadelaine ze iwwerhuelen. D'Mandat fir esou eng Spezialmissioun ass 2 Joer a kann beliebeg oft erneiert ginn.

Jiddereen deen sech fir eng Spezialmissioun interesséiert, informéiert de Schoulcomité schrëftlech doriwwer an dat bis spéidestens 3 Deeg virun der Klassewiel/Posteverdeelung (wou d'Léierpersonal aus der ganzer Gemeng am 3. Trimester zesummekënnt fir d'Posten an d'Klassen ze besetzen).

Am Fall wou et méi Interessenten fir eng Spezialmissioun ginn, bestëmmen déi brevetéiert Memberen vum Léierpersonal déi bei der Rentrée an der Schoul schaffen duerch een demokratesche Vote wien si op dëser Spezialmissioun wëllen. Eenzeg Ausnam mécht hei de Coordinateur de cycle deen nëmme vun de Memberen aus **senger** Equipe bestëmmt gëtt, sou wéi et am Schoulgesetz respektiv an engem Règlement Grand-Ducal festgehal gouf.

D'Unzuel vun de Stonnen an déi verschidden Aarbechten déi mat dëse Spezialmissiounen verbonne sinn, ginn vum Schoulcomité an engem Organigramme festgeluecht a kënnen all Joer adaptéiert ginn.

D'Wiel vum Schoulcomité a vum Präsident sinn am Schoulgesetz verankert an d'Modalitéiten dozou sinn an engem Règlement Grand-Ducal festgehal.

# Bemierkungen

Dëst Reglement steet fir Equipegeescht, Transparenz a Gläichheet déi an der Schoul Lamadelaine den Alldag bestëmme sollen.

All Member vum Léierpersonal oder all Equipe kann zu all Moment eng Ännerung oder eng Ajoute zum Reglement virschloen. Ännerungsvirschléi gi schrëftlech un de Schoulcomité gereecht. Dësen informéiert d'Léierpersonal iwwer d'Ännerungsvirschléi, kommentéiert se an organiséiert eng Ofstëmmung falls dëst néideg ass. Genee wéi bei der Créatioun vun dësem Reglement, kënnen och nëmmen déi Membere vum Léierpersonal un der Ofstëmmung deelhuelen déi während der „Réunion d'occupation des postes“ op e Posten an der Schoul Lamadelaine ënnerschriwwen hunn.

# Historique

Dëst Personal-Reglement ersetzt dat schoulinternt Equipe-Reglement 1.2 vum 14.11.2011. D'Equipe-Reglement gouf vollstänneg an dësem neie Reglement iwwerholl an ergänzt.

Den 21. Juni 2013 gouf d'Versioun 1.0 vun dësem Reglement ugeholl an dëst no enger Oftsëmmung iwwer 4 verschidden Artikelen.

# Iwwergangsbestëmmungen

D'Kapitel 2 iwwer d'Säll an Infrastrukturen wäert eréischt mam Schouljoer 2014-2015 honnertprozenteg a Kraaft trieden, well bis dohinner nach vill Säll am Tëtelbierg-Gebai renovéiert an ëmgebaut ginn. Dëst bréngt mat sech, datt vill Klassen fir e puer Méint oder fir e ganzt Schouljoer een anere provisoresche Sall besetze mussen.

Schoul Lamadelaine, den 24. Juni 2013

De Schoulcomité vu Lamadelaine